ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister an un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

Laut dem Artikel "Ideen gegen Tricksereien" deen den 2. Juni am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, huet d'EU-Kommissioun lo en Accord mam EU-Parlament d'Ariichtung vun engem EU-Steierobservatiounsrot decidéiert. Dee genannte Gremium soll sech mat Froe ronderëm "*Steuervermeidung, Steuerhinterziehung und aggressive Steuerplanung*" beschäftegen an déi politesch Verantwortlech entspriechend beroden. Als Chef vun deem Gremium gouf de Fransous Gabriel Zucman designéiert, deen an der Vergaangenheet mat ganz provokativen Aussoe vis-à-vis vun eisem Land opgefall ass. An deem uewe genannten Artikel aus dem Lëtzebuerger Wort, gëtt den Här Zucman follgendermoossen zitéiert: *"Luxemburg hilft multinationalen Konzernen bei der Steuervermeidung und so manchem Reichen bei der Steuerhinterziehung. Außerdem sind in Luxemburg zahlreiche Fonds angesiedelt, in denen schmutziges Geld, versteckt vor den Behörden, investiert und damit gewaschen wird".* Am éischten Deel vu senger Ausso bezitt hien sech just op déi legal Steierpolitik vun der Lëtzebuerger Regierung. Am zweeten Deel ënnerstellt hien "Lëtzebuerg" allgemeng, also warscheinlech souwuel de privaten Acteuren op der Finanzplaz wéi op mannst och indirekt dem Staat, kriminell a strofbar Aktivitéiten, déi hei quasi gläichgestallt ginn.

Domat awer net genuch. 2015 huet den Här Zucman laut der Luxembourg Times souwuel den Ausschloss vu Lëtzebuerg aus der europäescher Unioun wéi och d'Aschränkung vun eisem Stëmmrecht gefuerdert: *"If Luxembourg is no longer a nation, it has no longer a place in the European Union"*. A weider: *"Nothing in the treaties, in the spirit of European construction or in democratic reasoning, justifies allowing an offshore platform for the global financial industry to have a voice equal to that of other countries"*.

An deem Kader géife mir der Regierung gär des Froe stellen:

1) Wéi eng Positioun bezitt d'Lëtzebuerger Regierung vis-à-vis vun der Ariichtung vun dësem Gremium? Gesäit d'Regierung an dëser Decisioun, notamment an der Definitioun vum Aufgabeberäich eng bewosst politesch Gläichsetzung vu Steieroptiméierung a Steierhannerzéiung? Wéi ass séchergestallt, datt des zwee Voleten an der Aarbecht a virun allem och an der ëffentlecher Kommunikatioun vun dësem Gremium propper getrennt ginn?
2) Wéi positionéiert d'Regierung sech zu der Personaldecisioun am Fall vum Här Zucman? Wéi gedenkt si vis-à-vis vun der EU-Kommissioun dorop ze reagéieren?

Gesäit si a senger Ernennung doriwwer raus eng Vermëschung vun engem u sech zur Neutralitéit ugehalene Recherchegremium a politeschem Aktivismus?

3) Iwwer wéi ee Matsproocherecht verfügen d'Staat- a Regierungscheffe bei der Aarbecht vun dësem Gremium? Iwwer wéi eng Widdersprochsméiglechkeete verfügen d'Membersstaaten wann hir Politik an/oder hir Legislatioun an der Aarbecht vun dësem Gremium falsch duergestallt gëtt?
4) Wéi wëll d'Regierung sécherstellen, datt eis steierlech Interessien an engem politesch ëmmer méi polariséierten Ëmfeld zukünfteg nach kënne geschützt ginn? Insistéiert si z.B. weider op d'Eestëmmegkeet a Steierdecisiounen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Roy Reding
Deputéierten